CSV SCHËFFLENG

Merci Marc a bonne Chance

D'CSV Schëffleng ass houfreg, datt mam Marc Spautz, e Schëfflenger Jong, zum Minister ernannt ginn ass. Mir maachen dat och mat enger Tréin am A, well de Marc fir d'CSV eng wichteg Stäip wor, deen an der Chamber als Deputéierten an an der Gemeng als laangjärege Gemengerot a Schäffen am Intressi vun de Leit geschafft huet. Mandater, déi hie mat groussem Engagement, sozialer Kompetenz a konstruktivem Schaffen erleedegt huet.

MERCI fir déi vill a flott Aarbecht fir d'Schëfflenger Leit. BONNE CHANCE bei der neier Aufgab als Minister vun der Famill a fir d'Entwécklungshëllef, zwee Domainer, wou mat Sécherheet, seng sozial a mënschlech Astellung zum Droe kommen.

Mat dem Wiessel vum Marc an d'Regierung, huet sech och eis CSV-Equipe am Gemengerot nei opgestallt. Mam Yves Marchi réckelt e jonken an de Gemengerot a mam Paul Weimerskirch een erfahrene Mann an de Schäfferot. Och hinnen wënschen ech eng glécklech Hand a bonne Chance. Déi véier Conseilleren wëssen, datt de Comité zesumme mat de Kommissiounsmemberen hannert hinne steet an probéiert sie esou gutt wéi méiglech bei hiren neien Aufgaben ze ënnerstëtzen. Als Präsident sinn ech frou ze gesinn, datt dës Wiessele problemlos iwwer d'Bün gaange sinn. Et ass de Beweis, datt eis CSV Sektioun lieft, schafft a nei Erausfuerderungen ugeet.

Mir sollen zesumme mat de Schëfflenger Leit déi nei Chance notzen, fir gestäerkt a mat neier Energie déi kommend Aufgaben ze léisen. D'CSV Schëffleng steet weiderhi fir sozial Responsabilitéit, couragéiert Politik, gutt Liewes- a Wunnqualitéit a fairen Dialog mam Bierger. Dat kënnt net vum selwen. Dofir schaffe mir. Zesummen.

Pierrot Feiereisen

Präsident vun der CSV Sektioun Schëffleng

Merci Marc a bonne Chance

Léif Matbierger, Léif Matbiergerinnen

Am Cadre vun der Regierungsëmbildung sinn ech no der Propositioun vum Premierminister Jean-Claude Juncker vu menger Partei, der CSV, an d'Regierung genannt ginn. Meng nei Funktioun als Minister ass vun der Lëtzebuerger Verfassung hier net compatibel mat de Funktioune vu Schäffen an Deputéierten.

Leider kann ech duerfir meng Aarbecht als Schäffe vun der Gemeng Schëffleng net viruféieren. Ech wëll lech, de Schëfflenger Biergerinnen a Bierger awer e ganz grousse Merci soen, fir all déi Ënnerstëtzung, déi Dir mir, genausou wéi den anere Responsable vun der Gemeng entgéintbruecht hutt.

Schëffleng ass dat, wat mir alleguer doraus maachen a wann ech da kucken, wat mir all zesummen opzeweisen hunn, kënne mir houfreg op dat sinn, wat mir erreecht hunn. Ech sinn an ech bleiwen e Schëfflenger. Mat menger Famill sinn ech hei am Duerf déif verwuerzelt. Schëffleng huet mech geprägt, vu Klengem op – a wäert mech och weider prägen. Dat hei ass meng Heemecht an hei wunnt meng Famill.

An dem Sënn well ech weider matmaache fir e flott a liewegt Schëffleng, och wann ech kee politescht Amt direkt zu Schëffleng hunn. Mais als Bierger vun der Gemeng an als Stack-Schëfflenger sinn ech weider dobäi! Nach emol Merci, léif Frënn, fir all déi vill Hëllef, fir vill gudde Wëll a muenchmol och Gedold!

Vive eist Schëffleng!

Marc Spautz

CSV SCHËFFLENG.
FIR TRANSPARENZ AN DIALOG MAM BIERGER.

SCHËFFLENG

Yves Marchi, neien CSV Conseiller

Den Yves Marchi ass de neien Gemengerotsmember, noodems de Marc Spautz (CSV) zu Ministeréiere komm ass. De neie Conseiller gouf den 3. Mee vereedegt an huet schonns un enger éischter Réunioun vum Conseil Communal deelgeholl. An senger „Jungfernried" huet hien de wichtege Stellewäert vun der Veräiner ënnerstrach. Et gëllt an dësen schwiergen Zäiten mat de Finanzen ze haushalten a Prioritéiten ze setzen. Zesumme mat de Kollegen am Conseil wëll och hien, alles dru setzen fir d'Liewes- a Wunnqualitéit zu Schëffleng ze verbesseren.

Den Yves Marchi ass den 1. Oktober 1976 zu Esch gebuer, bestued mam Claudine Ihry a Papp vun zwee Bouwen. Hien ass Jurist a schafft beim Staat. A senger Fräizäit ass hien bei de Schëfflenger Scouten engagéiert, do wou hien geléiert huet, ze gesinn, wat et heescht fir de Matmënsch do ze sinn.

Paul Weimerskirch, neie Schäffen

Den CSV-Conseiller Paul Weimerskirch iwwerhëlt d'Mandat als neien 1. Schäffe vun der Gemeng Schëffleng, an ass domatter entspriechend dem Koalitiounsofkommes virun allem responsabel fir d'Beräicher Schoul, Soziales, Veräinsliewen a Kultur. De 56 Joer ale Paul Weimerskirch, bestuet mam Gerty Daufeld a Papp vun zwee erwuessene Jongen, ass zënter Abrëll 1997 am Gemengerot a schafft als „Conseiller parlementaire" fir d'CSV-Chamberfraktioun.

De Paul Weimerskirch freet sech op seng nei Aufgab am Schäfferot. Eng Aufgab, déi hie mat Engagement a Kompetenz als fairen an oppene Schäffen ugoen an assuréiere wëll. Eng Aufgab, déi allerdéngs nëmme mat der Hëllef a mat der Ënnerstëtzung vu villen aneren ze paken ass. Sech am Sënn vun der Saach fir eis Gemeng engagéieren; dëst mat Bléck op d'Matbiergerinnen a Matbierger, déi hei liewen, wunnen a schaffen. Déi laangjäreg Erfarungen als Member vum Gemengerot an och als aktive Member a verschiddene Schëfflenger Veräiner, si mat Sécherheet eng gutt Viraussetzung a spillen eng wichteg Roll.

CSV SCHËFFLENG.
FIR TRANSPARENZ AN DIALOG MAM BIERGER.

imedia.lu